



Groupe parlementaire

Dépôt: Jeff Engelen

2

Tratten, de 17. Mee 2023
Interpellation régions excentrées

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- an eise Kantonalhauptstied - grad am ländleche Raum - ëmmer méi Servicer ofgezu ginn, un deenen de Staat als Aktionär bedeelegt ass, ewéi z.B. eng gréisser Bank an d'Post,
- d'Bank- a Postfilialen och e wichtegen Deel vum sozialen a geschäftleche Liewen an enger Stad a Region duerstellen,
- déi ugebueden Ersatzléisungen dës Entwécklungen nëmme kënnen deelweis opfänken an datt besonnesch déi digital Offeren net all Mënsch erreechen,

ass sech bewosst, datt

- dëst grad op d'Liewensqualitéit vun de Bierger, déi am ländleche Raum wunnen, en negativen Afloss huet,
- den Androck entsteet, datt de ländleche Raum ëmmer méi vernoléisseggt gëtt,

fuerdert d'Regierung op,

- dofir ze suergen, datt ëffentlech Etablissementer, déi am Bank- an am Postwiesen aktiv sinn, op d'mannst eng Filial an all Kantonalhauptstad am Land mussen hunn,
- et net zouzeloossen, datt weider Filiale vun ëffentlechen Etablissementer, déi am Bank -a Postwiesen aktiv sinn, zougemaach ginn,
- an zukünftege Konventiounen mat der Post d'Notioun vum "service universel" och territorial ze interpretéieren an domat eng flächendeckend Presenz vu Postfilialen am ganze Land ze garantéieren.